**Communiqué**

Lëtzebuerg, de 14 Mäerz 2022

**D'Gestioun vun den Industriezonen :**

# Weider Ëmweltkatastrophe si programméiert.

*Aire de Berchem, Kronospan an viru kurzem de Brand an der Industriezon vu Mäerzeg. Bei all dësen Incidenten, si Bache verschmotz ginn, well et kee Réckhaltebecke gouf. An dëser Beispiller ginn et der nach méi!*

Dës Verschmotzungen si keng Schicksalsschléi. Si sinn d'Resultat vun enger politescher Failliteerklärung. D'Administratiounen, déi d'Industriezone kontrolléiere sollen, hunn einfach net genuch Leit fir dës kruzial Missioun duerchzeféieren. D'Regierung ass sech däers bewosst, mee se kuckt léiwer ewech.

Eng Äntwert op eng parlamentaresch Fro vun déi Lénk iwwert de Brand zu Mäerzeg (Nummer 5406) weist d'Ausmooss vun de Problemer : keng Réckhaltebecken, keng Kontrollen, a Betriber, déi ouni Geneemegung schaffen.

Wann d'Regierung an Zukunft wëll Ëmweltkatastrophe verhënneren an domadder d'Bache schützt, da muss se alles dru setzen, dass d'Gesetzer, déi den Ëmweltschutz solle garantéieren, appliquéiert ginn. déi Lénk bleift weider um Ball a freet an enger neier parlamentarescher Fro (Nummer 5916), dass d'Ëmweltministesch sech rechtfäerdegt.

Matgedeelt vun der lénker Fraktioun.